



mengen net, datt et elo esou eng Urgenz hei ass, wéi de Minister dat gesot huet, aus deene Grënn, déi ech elo erkläert hunn.

An da wollt ech awer och nach eppes soen iwwert déi 0,05. Ech hu kee Problem domat. Ech mengen, dat geet jo och aus den Avisen..., well déi Avisa sinn all ganz kritesch. An dat si jo keng Avisen, Här Finanzminister, vun der Chambre des Salariés. Hei sinn et Avisa vun der Chambre de Commerce. Ech hu selten esou e kriteschen Avis vun enger Chambre de Commerce gesinn, dee sech justement och dorunner stéisst an deen eigentlech seet: Firwat sidd Der net dohinnergaangen an Dir hutt einfach de gesamten Impôt - déi 0,05 -, hutt Der och déi aner Entreprises do profitéiere gelooss? Firwat gi mer just dohinner, an déi iwwer 500 Milliounen, déi kréien do déi substanzuell Steiererlichterungen, an déi aner ginn aus Grënn, déi Der explizéiert hutt, dann eropgesat?

Do kéint ech nach perséinlech domadder liewen. Mä firwat dat esou komplizéiert maachen? A firwat net - an dat ass jo eise Virwurf, Här Finanzminister -, firwat hu mer net hei eng global Diskussioun gefouert? Dir sot zu Recht: Et muss eech eng Kéier der Fro vun der Verméigensbesteuerung vun de Betriber stellen. Mä firwat maache mer dat dann elo net am Laf vum nächste Joer? Dann hätte mer do eng propper Solutioun fonnt, déi och steierlech wesentlech méi équilibréiert gewiescht wär!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech hunn nach Demandes de parole après ministre. Ech froe mech, ob mer se net alleguer sollen huelen an dann dem Minister sollen d'Geleeënheet ginn, fir drop ze äntwerten. De Franz Fayot. An ech hunn och eng Demande vum Här Urbany. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Merci, Här President. Ech wollt just ganz kuerz eppes soen zum Här Reding sengem Dokument, senger Konspiratiounstheorie do mam neien Aktionär vun der Luxair. En huet do seng Rechnung hei gemaach, baséierend op deem Bilan vun där Gesellschaft, déi e genannt huet, Delfin.

Bon, ech géif just gär soen, d'Assiette vum Impôt sur la fortune bei enger SOPARFI incluéiert net sougenannte Participations qualifiantes, dat heescht Participatiounen, déi ënnert de Schachtelprivileg falen. Déi sinn net an der Assiette fir den Impôt sur la fortune.

Wann een dee Bilan kuckt, do gesäit een dann, dass de Gros, Financial fixed assets, dat sinn déi 8 Milliarden 853 et quelques, ech schwätzen elo fir d'Joer 2014, mä wann een ënnert d'Notte kucke geet, da gesäit een, dass dat déi Participatioune sinn, soudass een... Bon, ech mengen, et muss een de Bilan vläicht e bësse méi genee analyséieren, mä et ass awer héchstwahrscheinlech esou, dass déi Rechnung, déi den Här Reding elo do esou einfach mécht, esou an där Form net opgeet, well déi Participatiounen hei ganz einfach net an de Calcul vum Impôt sur la fortune falen. Ech mengen, dat wär och eng wichteg Prezisioun an deser Diskussioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Fayot. Dann den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Här President, et ass mir elo eppes ganz kloer ginn, wann ech all déi Explikatiounen elo hei héieren. Den Här Mosar huet mech virdrun ugeschwat, perséinlech. Ech hunn elo verstanen,...

(**Interruption**)

Jo, ech hunn elo verstanen, den Här Mosar wëllt net, dass déi grouss Betriber sollen elo méi bezuelen. Neen, den Här Mosar wëllt, dass all d'Betriber sollen esou weineg bezuele wéi déi grouss Betriber.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Dat hunn ech net gesot, Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Dat ass awer en eegenaartege Kampf géint d'Grousskapital, muss ech awer do soen. Den Här Mosar ass iwwerhaupt géint eng Verméigensbesteuerung vun de Betriber, gradesou wéi d'ADR, déi huet et jo scho virdu ganz kloer gesot, dass si och an déiselwecht Richtung wëllt goen.

(**Brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Elo si mer net méi an der Fortsetzung...

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Fait personnel.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Entschëllegt, Här Mosar, loosst mech wann ech gelift ausschwätzen. Dir wäert näischt dobäi verléieren.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Neen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mir sinn net méi an der Prozedur Parole après ministre, mä mir si wahrscheinlech am Fait personnel.

(**Interruption**)

Voilà! An dofir ginn ech dann deenen zwee Ugesprochenen d'Wuert. Ech géif awer da bieden, dass mer net nach Ulass gi fir weider Fait-personnellen, well soss... jo, bon, ech soen lech dat herno. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, also den Här Urbany, dee wëllt natierlech dat verstoen, wat hie wëllt verstoen.

(**Hilarité**)

Ech wëllt et elo nach eng Kéier soen: Här Urbany, mir hu gesot, mir fannen déi dote Mesuren net gutt. Ech fänken elo net nach eng Kéier mat den Erklärungen un. Ech hunn et gesot. Awer op där anerer Säit, wann hei iwwer Punkten diskutéiert gëtt, da soll een déi diskutéieren am Kader vun enger gesamter Steierreform. Dat ass dat, wat mir gär hätten. Mir kënnen net d'accord sinn, datt elo hei ee Stéck erausgepléckt gëtt, datt dat just fir déi top 500-Milliounen-Betriber gemaach gëtt a fir déi aner gëtt deelweis guer näischt gemaach. Domadder si mir net d'accord. A mir hätte gär eng global Diskussioun. Net méi an net manner, Här Urbany, hunn ech gesot.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Mä, Här Mosar, ech hunn och net méi...

(**Hilarité**)

Ech hunn och net méi an net manner gesot, wéi dass d'Betriber zu Lëtzebuerg...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Urbany, Dir hutt d'Wuert net.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech sinn ugeschwat ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dir hutt d'Wuert net.

(**Hilarité**)

Bis op Weideres gitt Dir lech et net selwer, mä ginn ech lech et! A bis elo, ier Dir et kritt, huet den Här Reding et.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Ech wollt just ganz kuerz op dem Kolleg Fayot seng Remarque äntworten. Ech si kee Kontabel, a scho guer net en Expert-comptable, mä bei dem Mindestimpôt sur la fortune schwätze mer vun enger Somme bilantaire, le total du bilan. An am Artikel 7 an Ärem Gesetzestext, deen Der hei virleet, schreift Der: „als steuerpflichtiges Vermögen gilt bei unbeschränkt Steuerpflichtigen, a) bei natürlichen Personen..." - et ass och komesch, et ass en Text, deen hallef op Däitsch, hallef op Franséisch ass, mä egal - steuerpflichtiges Vermögen „b) dans le chef des contribuables visés par le § 1, alinéa 1<sup>er</sup>, numéro 2, la fortune totale."

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Reding, hei si mer net méi am Fait personnel.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Dach, mir sinn am Fait personnel...

(**Interruptions diverses**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen, dat ass kee Fait personnel, dat ass kee Fait.

(**Brouhaha**)

► **M. Roy Reding (ADR).**- Op jidde Fall, ech maintenéieren, datt déi Firma...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Beim beschte Wëllen, wann een eppes unzweifelt, wat op den Dësch geluecht ginn ass, ass dat net onbedéngt e Fait personnel!

► **M. Roy Reding (ADR).**- Okay, kee Problem.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Parole après ministre, wéi den Här Fayot.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, den...

► **M. Roy Reding (ADR).**- Et war och keng Parole après ministre, fir mir ze äntworten!

► **Une voix.**- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, mä dann hutt Der dee falsche Fait invoquéiert, dee falschen Artikel invoquéiert. Dann hat Der lech geiert. Dir kënt et awer nach eng Kéier probéieren. Här Urbany, wat invoquéiert Dir?

(**Hilarité**)

Passet awer op elo, wat Der sot!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech invoquéieren de Fait, dass ech hei ugeschwat gi sinn an dass ech gären doropshin eppes äntweren.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo neen, esou geet et awer net!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Also, wann ech gelift!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Dann ass et keen Débat, wann dat net méiglech ass!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift! Et huet jiddwereen hei Riedezäit gehat. Et huet jiddwereen d'Méiglechkeet gehat, fir d'Parole après ministre ze froen. Et huet och jiddwereen d'Méiglechkeet gehat, wann en ataquéiert ginn ass, de Fait personnel ze huelen. Mä mir kënnen awer déi Diskussioun ausserhalb eisem Modell vu Riedezäit net bis an d'Éternitéit fortféieren. Maacht Är kuerz Bemierkung an da schlësse mer domat of. Da gi mer dem Här Minister d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Här President, ech huelen dann d'Wuert och nach zousätzlech zum Reglement, wat mer hunn. An ech mengen, dass eng seriö Debatt net ka stattfannen, wann een ugeschwat gëtt, perséinlech, an dorop näischt méi ka soen, egal ob dat e Fait personnel ass oder e Fait politique personnel ass. Dat hei ass fir mech eng Ursaach, fir ze répliquéieren op dat, wat gesot ginn ass.

Wat ech wollt soen, ass, wa mer eis jo eens wieren hei, dass de Räichtum do, wou e geschafe gëtt, seriö besteiert géif ginn, dass och d'Allgemengheet dovunner profitéiert, da wier et jo gutt, da géife mer déi richtig Konklusioun aus deem Débat hei zéien. Mä ech fäerten, ausser eis si se alleguerten hei d'accord, och d'LSAP, fir dass dat net soll geschéien, dass dat weiderhin net soll geschéien.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Urbany, Dir sidd amgaang en „Débat bis" ze maachen, an dat ass net den Zweck vun der Affär hei. An ech ginn dem Här Finanzminister d'Wuert, fir op d'Parole après ministre ze äntwerten. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, ech faasse mech ganz kuerz. Ech wëllt just nach eng Kéier op dat agoen, wat den Deputéierte Mosar gesot huet. Dat ass eng Saach vu Risquenaschätzung, wann Dir sot, mir hätte kënne waarden, dass mer ugesicht ginn. Wéi ech lech virdrun erkläert hunn, am Hierscht 2014 huet d'Kommissioun eis gesot: „Mir considéieren dat als illegal." Do sinn dann e puer Bréiwer hin- an hiergaangen a si hunn net bougéiert, si hunn drop bestanen.

Do hätte mer kënne waarden an da wäre mer ugesicht ginn. A wann Der da bis ugesicht sidd, wéi wa mer dat nach brächten - wéi wa mer dat nach brächten! -, hu mer fonnt, dass dat vläicht net dee beschte Wee wier an dass mer dann eng Incertitude juridique hunn.

Stellt lech dach emol vir, d'Kommissioun sicht eis 2015 un an d'Prozedur dauert e Joer bis annerhalleft Joer. Wat hätte mer dann 2016 gemaach? Hätte mer déi Steuer missen anzéie mat engem Doute, ob se legal ass? Ech mengen, dat wëllt dach keng responsabel Regierung maachen!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An domat komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6891.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6891 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

Hutt Der alleguer ofgestëmmt? Jo. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. D'Resultat: 32-mol Jo, 28-mol Neen, 0 Abstentionen. Domat ass de Projet ugehall.

*Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.*

*Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Serge Urbany et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Jo. Merci, dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6899 iwwert d'Mutualisation vun de Bedeelegungen um Fonds de résolution unique. Jiddwereen huet et verstanen. Als Éischten ass de Rapporteur um Wierk, an dat ass den Här Guy Arendt.

## 4. 6899 - Projet de loi du [...] portant approbation de l'Accord concernant le transfert et la mutualisation des contributions au Fonds de résolution unique signé à Bruxelles le 21 mai 2014

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn de Moie vun der europäescher Union bancaire geschwat an ënnerstrach, wéi esou e Konstrukt laangfristeg och positiv Répercussiounen op eis Wirtschaft kann hunn. Ech hat gesot, hei géif et zwee Volete ginn, dee vun der Surveillance vun de Banken an dee vun der Résolutioun, also der Opléisung vu Banken.

Beim zweeten Deel gëtt et ab 2016 e Fong, de Fonds de résolution unique, deen no aacht Joer mat 55 Milliarden Euro dotéiert si wäert, op déi bei der Résolutioun vu Banken zrëckgegraff ka ginn. Beim Gesetzesprojet, dee mer hei diskutéieren, geet et drëms, en Accord intergouvernemental zu deem Fonds de résolution unique ze ratifizéieren an ze operationaliséieren. Dese Projet ass also complémentaire zum Projet iwwert d'Directive BRRD.

De Gesetzestext ass de 5. November 2015 vum Finanzminister deponéiert ginn. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 2. Dezember an de Statsrot huet säin Avis den 10. Dezember ugehall. De schréftleche Rapport ass de 14. Dezember an der Finanz- a Budgetskommisioun adoptéiert ginn.

Här President, den Accord, dee mer hei ratifizéieren an deen den 21. Mee 2014 vu 26 EU-Memberstaten ënnerschrifwe gouf, gesäit déi praktesch Detailer vir, wéi eise Fonds de résolution Luxembourg mam europäesche Fonds de résolution unique zesummeschaffe wäert.

Haut gi mer och der Regierung d'Erlaabnis, eng Garantie an Héicht vun enger Milliard a 85 Milliounen an de Fonds de résolution unique ze ginn. Dës Sue ginn awer nëmmen en dernière instance genotzt, falls et zu enger Bankeresolutioun komme sollt, dat also, nodeems eng ganz Rei vun anere Mesurë geholl goufen. Dës Milliounen ginn eréischt gebraucht, wann d'Resourcen aus dem FRU benotzt sinn a wann de Renflouement interne oder „bail-in" fir d'Banke gemaach ginn ass. Et ass also net esou, wéi wann de Stat hei d'Banken direkt rette géif, mä fir d'Éischt gëtt emol bei hinne selwer gekuckt, wou d'Suen ze récupéiere sinn.

Här President, duerch d'Ratiofikatioun vun deem Accord maache mer e weidere grouse Schrëtt a Richtung Bankenunioun an e grouse Schrëtt a Richtung stabill Banken. Ech brauch lech net nach eng Kéier ze erklären, firwat dëst och ganz wichteg fir eist Land ass. Dese Projet de loi vervollständegt dee vum BRRD, an alle béid sollten eis besser virun enger weiderer Kris schützen kënnen.

Ech ginn heimadder den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen lech Merci.

An, Här President, wann Der erlaabt, géif ech soen, dat hei war dann elo meng lescht Ried als Deputéierten. Ech géif op alle Fall der ganzer Chamber e ganz grouse Merci soe fir déi flott Zesummenaarbecht, déi ech elo zwee Joer mat hinnen hat an ech wäert lech alleguerte messen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(**Applaudissements**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Arendt. An ech wënschen em eng ganz glécklech Hand an eiser aller Numm an dass et him nach oft leeddeet,...

(**Hilarité**)

...dass en eis verlooss huet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Alles Guts!

Mer géifen dann zum éischten ageschriwwene Riedner kommen, deen och de laangen Tour haut huet, den Här Laurent Mosar.

**Discussion générale**

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci och nach eng Kéier dem Guy Arendt fir deen exzellente leschte Rapport. Mir wäerten effektiv seng Rou vermessen, wéi ech scho virdru gesot hunn.

Dir wäert lech net wonneren, Här President, datt mer och géint dëse Projet wäerte stëmmen, aus Grënn, déi ech virdrun in extenso duergeluecht hunn, soudatt ech lech dat elo erspueren, et nach eng Kéier ze widderhuelen.

Ech wëll just hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt niewent deene 600 Milliounen, déi d'Banken an Zukunft an den FGDL musse ginn, hei nach 1,2 Milliarden derbäikommen. Dat heescht, dat gëtt dann trotzdeem e substa-zielle Pak vun 1,8 Milliarden, déi op eis Banken - wuel elo net an engem Joer, op aacht Joer - zoukommen, wat awer och net näischt ass.

Duerfir wäerte mir och dëse Projet net stëmmen. Mir sinn awer frou, datt de Minister gesot huet, et misst ee kucken, ob een net eventuell op deenen engen oder anere Punkte kéint zu-mindest op engem Deel de Banken entgéint-kommen. Well, ech mengen, de Finanzminister weess genausou gutt wéi ech, datt dat do awer net einfach ze stemme gëtt, ganz besonnesch fir méi kleng a Mëttelbanken. Duerfir, mengen ech, wäre mer alleguerde gutt beroden, datt mer do vläicht nach eng Kéier géifen eng Schëpp bäileën.

Dat gesot, wäerte mir, wéi gesot, och géint dëse Projet stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Mosar. Dann hunn ech d'Wuertmel-dung vum Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här Pre-sident. Och vu menger Sait e grouse Merci un de Guy Arendt fir säi mëndleche Rapport an enger komplexer Matière. Ech mengen, et ass scho gewost, deen Dossier hei ass léiert mat der Direktiv Résolution bancaire. Et ass ee vun de Bausteng vun der Union bancaire.

Dee Fong, wou mer jo u sech deen Accord in-tergouvernemental haut a Gesetz géissen, wou déi Contributiounen dann un deen euro-päesche Fong sollen iwwergoen, fänkt jo elo un ze fonctionnéieren. An, ech mengen, déi Haapt-difficultéit huet näischt mam Fong ze dinn. Dat huet éischer ze di mat deem Méca-nisme de résolution unique, wat jo ee vun de Pilieren ass vun der Résolution bancaire, dee jo haaptsächlech d'Banke vun der Eurozon be-trëfft, gradesou wéi déi aner Pilieren, de Méca-nisme de surveillance unique an d'Garantie des dépôts, wou de Minister jo éinescht driwwer geschwat huet. D'Komplexitéit ass, fir ze ku-cken, wéi dat sech duerno organiséiert, och wéi dat zesummegräift mat der Direktiv „résol-ution bancaire“. Well mir hu jo d'Situatioun, dass mer u sech engersäits jo dat „Single Rule-book“ hunn, wou u sech déi Résolution ban-caire do soll oflafe fir d'ganz Europäesch Unioun, an dann niewendrun hu mer d'Regle-ment iwwert de Mécanisme de résolution unique.

Bon, dat gëtt effektiv..., wéi dat an der Praxis ofleefft, dat weess nach keen esou richteg. Dat gëtt komplex. Dat seet och eng CSSF engem, wann ee mat hinne schwätzt: Dat ass alles nach e bëssen esou en „work in progress“. Bon! Den Henri Kox huet geschter eng Partie Diagramme gewisen. Ech hu just een dobäi. Ech hunn deen nawell amüsant fonnt an ech wollt der Cham-ber dee weisen. E kënnt och vun engem Grén-gen, vum Sven Giegold, deem gréngeen Euro-padeputéierten, an e weist u sech, wéi deen SRM do géif fonctionnéieren. Ech weisen lech just d'Bild hei, „SRM Over the weekend?“, an d'Fro ass: „Seriously?“

Dat heescht, e stellt sech d'Fro, ob dat alles esou realistesch ass, wann dat soll effektiv ap-plizéiert ginn. Ech mengen, ech dinn lech elo net un, dat heiten ze explizéieren. Mä op alle Fall, et sinn eng Multitude vun Organer a vu Conseilen, déi doranner implizéiert sinn, an dat Ganzt superposéiert sech dann effektiv nach mat der Direktiv „résolution bancaire“. Bon, dat gëtt spannend ze kucken, wéi dat an der Praxis fonctionnéiert.

Dat gesot, géif ech natierlech och den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Fayot. Dann huet de Roy Reding d'Wuert.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Här Pre-sident. Mir stëmmen géint dëse Projet aus deeneselwechten Ursaache wéi déi, déi och den honorabele Kolleeg Laurent Mosar scho ge-nannt huet. De Fonds de résolution, dee mer virdru geschaaft hunn, national, transferéiert déi Contributiounen un dee Fonds de résolu-tion unique, an do komme se an ee Comparti-

ment national, sinn awer dédiéiert, fir progres-sivement mutualiséiert ze ginn. A mir kënnen émsou manner domadder d'accord sinn, wéi eis Contributiounen dann déi vun anere Länner géif bäi Wäitem iwwerschreiden.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An domat si mer un Enn vun... Ah, den Här Wagner, jo. Et deet mer leed, ech hat lech net hei stoen, an ech hat lech net derbäige-schriwwen, obwuel dass Der et zwar spët, ma ëmmerhi gemellt hat. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Kee Pro-blem. Jo, Här President, aus deeneselwechte Grënn wéi virdru wäerte mir deen heite Ge-setzesprojet natierlech och matstëmmen. Mir ginn awer natierlech och ze bedenken, datt am schlëmmste Fall, et héchstwahrscheinlech net géif duergoen. Wann een alles zesumme-rechent vun den europäesche Banken, mengen ech, kënnt een op e Fënnf-honnertfacht eraus. Dat heescht, deemno wéi wäert et erëm eng Kéier schnell knallen.

Bon, während der Finanzkris ganz am Ufank, 2007/2008, an '09 an esou weider, do war en Aufschrei uerchtert d'Welt. Do huet souguer den eemolege franséische President vun enger Moraliséierung vum Kapitalismus geschwat, wou vill Leit driwwer gelaacht hunn, op jidde Fall net nëmme Lénker, mä, ech mengen, och Leit, déi de Wirtschaftsliberalismus richtig ver-stinn an den Hayek gelies hunn oder de Mises, déi wëssen, datt dat näischt mat Moral ze dinn huet. Kleng Klammer zou.

Mä déi richtig Schlussfolgerunge sinn trotz-deem nach ëmmer net geholl ginn. Et ass nach ëmmer d'Fro gewiescht vun der Trennung vun Investitiouns- a Kreditgeschäfte, d'Fro vun der Titrisatioun ass nach ëmmer net geléist ginn. An da stellt sech nach ëmmer de Problem, an dat geet e bëssen op dat an, wat den Här Fayot virdru gesot huet, mat der Grafik vum Här Gie-gold, datt mer nach ëmmer esou en Enchevê-trement hunn engersäits, an anerersäits nach ëmmer Banken och hunn, déi, wéi een et esou schéin nennt, „too big to fail“ sinn. Dat ass nach ëmmer e gréissere Problem an eng gréis-ser Gefor.

Bon, et ass schwéier, géint dat heiten elo ze sinn, well et ëmmerhin e Schratt ass. An dat verhënnert vläicht och... Well ech verstinn net, wann een dergéint ass, da wëllt ee jo u sech soen, datt een éischer der Meenung ass, datt de Steierzueler am Fall vum Fall misst dofir op-kommen, wéi dat souwisou och schonn d'lescht Kéier de Fall war. An dat schéngt jo och d'ADR ze wëllen, wann ech dat esou rich-teg verstinn. Dofir, aus deene Grënn wäerte mir derfir stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Wagner. An d'Wuert huet direkt de Fi-nanzminister.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Fi-nances*.- Jo, Här President, wann Der erlaabt, géif ech dat vun hei maachen. Ech mengen, d'Debatt war e bësse kuerz, mä ech géif gären hei ënnersträichen, wat vläicht e bësse verluer gaangen ass an der Diskussioun weinst de Re-tarden, de Prozeduren. An dat, wat ech elo hei soen, ass haaptsächlech, Saachen an de Kontext ze setzen.

Fir Lëtzebuerg ass de Fait, dass et muer e Fonds de résolution unique gëtt op europäeschem Niveau, deen an aacht Joer opgestockt gëtt, eng super Noricht. Eng super Noricht! Mir ku-cken natierlech de Käschtepunkt, an ech hu jo gesot, dass mer eis géifen treffen a mer géifen doriwwer schwätzen. Dat setzt dat net a Fro. Mä mir sollen eis doriwwer freeën, dass et eng europäesch Léisung gëtt! Firwat?

Majo, mir kréien en europäesche Präbbeli fir Problemer, déi sech stellen. A mir hu jo an der Finanzkris 2008 gesinn, dass mir grad eent vun deene Länner gewiescht sinn, déi am meeschte Risque haten, obwuel mer eis däärs guer net bewusst waren, well d'Maison-mère Risquen haten, déi da bei eis Filialen haten oder Succur-sallen, déi vun haut, déi zwar selwer gesond waren - selwer gesond waren! - an trotzdeem an den Tourbillon komm sinn a riskéiert hunn ze verschwannen.

A wann de Stat net intervenéiert wier, à juste titre ganz schnell, well en och d'Suen hat oder mobiliséiert krut, da wären déi Banken haut net méi do! Mä dat, wat deemools gemaach ginn ass, kéint een haut net méi widderhuelen. Ech mengen, mir müssen eis bewusst sinn, dee Präbbeli, deen hëlleft eis, eis Finanzplaz ze sta-biliséieren.

De Käschtepunkt ass richtig ënnerstrach ginn. Dat gëtt e Käschtepunkt vun ongeféier 1,2 Mil-liarden Euro fir eis Banken. Et ass relativ héich. An dat ass och domat verbonnen, dass dat, wat bei den Dépôte gefrot ass, relativ bëlleeg ass.

Well mir hu relativ wéineg Dépôte vu Privat-clienten, vu klenge Clienten, vu klengen Dépô-santen, par rapport zu institutionellen. Mir hu ganz vill Dépôts institutionnels zu Lëtzebuerg an dat bréngt mat sech, dass mer hei méi en héijen..., dass mer en fait eng ganz internatio-nal Finanzplaz sinn, a well se international ass a vill Suen hei sinn, bezuele mer méi an de Fonds de résolution.

Dat akzeptéieren d'Banken och. Si gesinn dat och an, dass dat net anescht geet.

Mir waren hei ganz rapid, wéinstens bei enger Saach, Här Mosar. Dat ass, dass mer konnten déi Ligne de crédit draschreiwten. Ech mengen, déi huet nach kee Land a sengem Gesetz. Ech weess awer och net, ob an all Land esou eng Ligne de crédit eng Approbatioun vun der Chamber brauch. Mä do hu mer profitéiert, well mer e bësse spët u waren, dass mer dat an d'Gesetz geschriwwen hunn. Déi Ligne de crédit ass awer nëmmen en „last resort“, well et ass en fait, déi Ligne de crédit vun enger Mil-liard a 85 Milliounen Euro ass en fait a Contra-dictioun mat der ganzer Iddi, dass ee wëllt de Risque souverain séparéiere vum Risque ban-caire.

An hei vläicht just eng lescht Remarque fir déi, déi den Dossier méi suivéieren: All Land géif gären évitéieren, déi Ligne de crédit hei ze maachen, well si mécht jo kee Sënn méi. Mir missten eng europäesch Garantie derhannert hunn, an den ESM wär esou eng, den Euro-pean Stability Mechanism, deen hei um Kierch-bierg jo och säi Sëtz huet. A grad dat Land, wat gären am meeschten hätt, dass dat heite soll europäesch gestalt ginn, refuséiert; dat ass dat gréisste Land aus der EU, an dofir hu mer mis-sen déi Ligne de crédit elo hei in extremis am Dezember stëmmen. Am November hu mer den Accord politique drop gehat. Ech si frou, dass mer dat konnten integréieren.

Ech géif gären, well et haut e laangen Dag war, menger ganzer Equipe, déi vill gelidden huet mat all deene Projeten a mat mir gelidden huet, Merci soen,...

**(Interruption)**

...well si hunn eng kolossal Aarbecht misse maachen,...

**(Interruption)**

...trotzdeem, dass mer jo d'Présidence haten. Ech hunn dat ni als Excuse gebraucht, mä mir haten trotzdeem d'Présidence.

An da géif ech gären ophalen, andeem ech dem Guy Arendt fir dëse Rapport, awer och fir dee vieregte villmools Merci soen, him gäre gra-tuléieren, dass en elo Regierungskolleg gëtt.

Et war e Genoss, mat Dir hei ze schaffen. Du waars deen, mengen ech, deen déi meeschte Rapporte gemaach huet. An et war ëmmer flott, mat Dir zesummenzeschaffen. An Du kenns eppes vu Finanzen, Du kenns eppes vu Suen! A wann een dat alles kann, da kann ee sech och ëm d'Kultur bekëmmern. Bonne Chance!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

**(Brouhaha)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Bon, wann dat esou ass, da wäert Der mer och verzeien,...

**(Hilarité)**

...dass ech eise Leit, déi an deene leschte puer Deeg eng formidabel Aarbecht gemaach hunn a vill gelidden hunn, a mir hu matgelidden,...

**(Interruptions)**

...dass ech deene Merci soen, vu dass mer bei de gudde Wënsch sinn an de Finanzminister dat jo och esou kloer gesot huet, dass dat net méi virkënt!

**(Hilarité)**

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà, dat gesot, kënne mer zum Vott iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6899 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procu-ratiounen.

**(Interruptions diverses)**

Ma da géif ech de Vott awer direkt widderhue-len.

**(Hilarité et interruption)**

Neen.

Fin du vote.

**(Interruptions diverses)**

Jo. Also, wësst Der, wat dat Flottst ass? Ech hunn hei en absolutt korrekt Resultat: Oui 34, Nee 26. Dat gëtt 60. An do gesäit een...

**(Interruptions diverses)**

Ah, okay! Voilà!

Gutt. Et ass alles kloer. An et léiert een iwwert dem Falen. Merci villmools!

Domat ass de Projet 6899 ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Ro-ger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Ro-berto Traversini;*

*MM. Serge Urbany et David Wagner.*

*Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie An-drich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-lix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mo-sar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Mi-chel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

An ech géif lech nach froen, ob Der bereet sidd, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

**(Assentiment)**

Dat ass de Fall. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen zum nächste Punkt iwwergoen. Do komme mer vun de Finanzen an aner Ge-bidder, déi awer net manner wichteg sinn. De Projet de loi 6775 iwwert d'Opnam an d'Opnamprozeduren, d'Hëllef an esou wei-der fir d'Demandeure vun internationaler an temporärer Protektioun. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**5. 6775 - Projet de loi relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire, et modifiant la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat****Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration**

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Wéi de President et scho gesot huet, de Gesetzesprojet 6775 këmmert sech ëm den Accueil vun den Demandeurs de pro-tection internationale an den Demandeurs de protection temporaire.

Dat Gesetz ass am Kader ze gesi vum Paquet Asile an et ass och ze gesinn zesumme mat deem Gesetz, wat mer d'lescht Woch ge-stëmmt hunn, wou de Kolleeg Marc Angel Rapporteur war, de 6779, deen d'Prozedure festleet. An déi zwee Gesetzter wäerten och gläichzäiteg a Kraaft tretien.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Däerf ech lech eng Sekonn ënnerbriechen, Här Baum? Ech wär ganz frou - mir sinn diszipli-néiert gewiescht -, wa mer och elo dem Rapporteur bei deem wichtige Projet géifen nolauschteren. Merci villmools!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- Et han-delt sech hei ëm eng Transposition vun der Direktiv 2013/33 vum 26. Juni 2013 établissant des normes pour l'accueil des personnes de-mandant la protection internationale. Den Dé-pôt vum Gesetz ass gemaach ginn de 6. Fe-bruar 2015, an enger Réunion jointe mat der Commission des Affaires étrangères sinn déi zwee Gesetzter, de 6775 an de 6779, zesumme virgestallt ginn. Den 28. September koumen eng ganz Rei Amendementer vun der Re-gierung. An den 2. Oktober war nach eng Kéier eng Réunion jointe mat der Commission des Affaires étrangères, wou mer d'Leit vum Collectif Réfugiés, dat heescht vum Lëtzebuer-ger Flüchtlingsrot, empfangen hunn.

Den Avis vum Statsrot koum den 20. Oktober an d'Amendementer vun der Kommissioun sinn den 1. Dezember beim Statsrot déposéiert ginn. Den 8. Dezember koum en Avis complé-mentaire vum Statsrot an den 10. Dezember ass de Rapport an der Kommissioun ugeholl ginn.